



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Juni 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educationsminister weiderzeleeden.

All Lycée huet säin eegene Schülerkomitee, deen an enger demokratescher Schoulkultur vun de Schüler am jeeweilige Lycée gewielt gëtt. D'Funktoun vum Schülerkomitee ass déi, d'Interessen an d'Rechter vu senge Wieler ze verrieden an de Lycéesschüler domat eng Stëmm ze ginn. De Schülerkomitee ënnerstëtzt d'Schüler bei eventuelle Problemer a bedeelegt sech un der Verbesserung vum Schoulalldag. Dozou organiséiert hien och Projeten an Aktivitéiten an der Schoul. E Schülerkomitee soll participativ sinn, senge Flichten an Aufgaben nokommen an d'Verantwortung géigeniwwer senge Wieler eescht huelen. Fir all deem gerecht ze ginn, mussen déi eenzel Memberen engagéiert sinn an net just Méi a Suen investéieren, mee och hir privat Zäit. Deem ass sech awer net jidderee bewosst, wouduerch de Schülerkomitee dacks net déi néideg Unerkennung a Wäertschätzung kritt. Dëst ass eng bedauerlech Situatioun, ëmmerhin si mir an enger Zäit a Gesellschaft, an där d'Zertifikatioun vu soziale Kompetenzen a virun allem Engagementer ëmmer méi wichteg ginn, fir sech bei enger Uni an och op enger Aarbechtsplaz ze bewerben. Ausserdeem sollt een net vergiessen, datt hei och d'Iddi vun der demokratescher Erzéiung eng Funktioun dréit.

Dëst ass awer net deen eenzege Problem, virun deem de Schülerkomitee steet. Oft feelt, haaptsächlech deenen neie Memberen, déi néideg Kompetenz an d'Basiswëssen, fir hire Flichten an Aufgabe gerecht ze ginn. Aus dësem Grond organiséiert a finanzéiert d'Schülerkonferenz (CNEL) Formatiounen, déi dës Mängel behiewen an de Lycéesschüler esou eng Verriedung mat méi Qualitéit a Kompetenz zur Verfügung stelle sollen. E weidere Problem bereet de Budget vum Schülerkomitee, deen am groussherzogleche Reglement vum 1. August 2001 net geregelt ass.

An deem Zesammenhang géing ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Ass den Här Educatiounsminister der Meenung, datt esou Formatiounen, wéi se vun der CNEEL organiséiert a finanzéiert ginn, sënnvoll a wichteg sinn? Wann net, wat ass seng Begrënnung dofir? Wa jo, wier et da méiglech, datt d'Finanzéierung vun deene Formatiounen, déi si den Ament nach selwer finanzéieren, géinge vum Staat iwweholl ginn?
2. Ass den Här Educatiounsminister der Meenung, datt deene Schüler, déi e Mandat am Schülerkomitee oder och als Kllassespreecher iwwehuelen, hiert Engagement sollt unerkannt, opgewäert an dokumentéiert ginn? Wier et méiglech, datt heifir norméiert Zertifikater ausgestallt ginn?
3. Wéi héich schätzt den Här Educatiounsminister de minimale Budget an (a Proportioun zu der Unzuel u Schüler, déi e Lycée huet) deen e Schülerkomitee brauch, fir senge Flichten an Aufgabe gerecht ze ginn?
4. Ass den Här Educatiounsminister der Meenung, datt hei méi Transparenz misst geschaaft ginn, andeems de Ministère eng kloer Leitlinn definéiert fir eng geregelt a gerecht finanziell Basis ze schafen, déi all de Schülerkomiteeë vu Lëtzebuerg zur Verfügung gestallt ka ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten